# Eis Fuerderunge fir d'Voie de Préparation:

**An de Klassen:**

1. Méi kleng Klasse vun 10 bis maximal 12 Schüler pro Klass
2. Een Educateur als 2. Intervenant pro Klass
3. Ee Remplaçant am Fall wou den Enseignant krank ass oder an engem Congé de maternité oder parental ass. Dës Remplaçanten existéiere säit laangem fir den Enseignement fondamental a sollten och an der Voie de Préparation agesat kënne ginn.

**Tâche:**

4. Den ACT72 soll vun enger Schoulstonn pro Woch op 2 gehéicht ginn, fir der reeller Unzuel vu Versammlungen, administrativer Aarbecht an individueller Schülerbetreiung an Elteren-aarbecht nom Cours gerecht ze ginn.
5. Surveillance iwwert 90 Minutte pro Woch an d Tâche integréieren.
6. D'Regencedecharge vun 1 op 2 Schoulstonne pro Woch unhiewen, fir dem reellen Aarbechtspen-sum vu Regentë gerecht ze ginn.

**Inclusioun:**

7. Inclusiounsgesetz iwwerschaffen: D'Voie de Préparation soll net de Rôle vun der ehemoleger EDIFF iwwerhuelen, mee virun allem d'Schüler fir eng Léier, eng weiderféierend Schoul oder de Beruffsastieg prett maachen.
8. Eng Diagnosepflicht ënnert gewësse Konditiou-nen (Gravitéit vum Feelverhale vum Schüler, Gefor fir aner Kanner, Ausmooss vun de Léierschwiereg-keeten) fir Schüler aféieren, deenen hir Elteren trotz gravéierenden Opfällegkeete vum Kand eng professionell Diagnose refuséieren.
9. COHAB-Klassen an all Lycée
10. Méi Personal am ESEB an SePAS, fir d'Schüler an der Voie de Préparation besser betreien ze kënnen. Mir fuerderen 1 ESEB-Mataarbechter pro 3 Schoulklasse vun der VP.
11. Administrativ Hürden ofbaue fir Hëllefe fir Schüler unzefroen.

**E séchert a respektvollt Aarbechtsëmfeld:**

12. Adequat Méiglechkeeten op schwéierwiegend disziplinarescht Feelverhale vu Schüler ze reagéieren.
13. Enseignanten an hirer Aarbecht eescht huelen a méi Matsproochrecht ginn, wat d'Orientatioun ugeet.

**Didaktik:**

14. Programmer vun der Voie de Préparation iwwer-schaffen an upassen.
15. Adequat Schoulmaterial, virun allem Schoul-bicher, ausschaffe loossen an zur Verfügung stellen.
16. Mediekonsum vun de Jugendlechen an der Schoul reduzéieren.
17. Schoulpflicht bis 18 Joer ofschafen: Duerch dëst Gesetz riskéiert d'Voie de Préparation zu enger Garderie vu Jugendlechen auszeaarten.

**Recrutement:**

18. Enseignantspenurie bekämpfen.
19. Scho wärend dem Studium iwwert d'Voie de Préparation informéieren.

**Offer:**

20. D'Offer vu CCPen ausbauen, virun allem déi francophone Sektioune vum CCP a vum DAP.